N° 8192
Entrée le 28.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An hierem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht d'Kapazitéiten vun den P&R ze bis 2020 ze vergréisseren an laangfristeg ze verduebelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei grouss war d'Kapazitéit vun den P&R 2018?
2. Wei grouss war d'Kapazitéit vun den P&R 2020?
3. Wei grouss ass d'Kapazitéit vun den P&R haut?
4. Bis weini viséiert d'Regierung eng Verduebelung vun de Plazen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N° 8192
Entrée le 06.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8192 vum 28. Juli 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Wei grouss war d'Kapazitéit vun de P+R 2018?*
Wéi et schonn am Modu 2.0 stoung, goufen et am Joer 2018 op nationalem Niveau eng ronn 13000 P+R-Plazen.

*Wei grouss war d'Kapazitéit vun de P+R 2020?*
2020 hate mir der dunn 14700.

*Wei grouss ass d'Kapazitéit vun de P+R haut?*
Haut ginn et op nationalem Niveau eng ronn 17.000 P+R Plazen. Dobäi kennt nach de P+R op der Cloche d'Or mat 2000 Plazen. D'Mise en service ass hei virgesinn fir den Hierscht 2023. Soudass mir Enn 2023 op ronn 19000 P+R Plaze kommen.

*Bis wéini viséiert d'Regierung eng Verduebelung vun de Plazen?*
Et sin eng Reih P+R Projeten wäit an der Planung bzw. schonn am Chantier, des si folgend:

| ***Projet*** | ***Zukünfteg Kapazitéit*** | ***Wou ass de Projet drun ?*** |
|---|---|---|
| P+R Troisvierges | 389 Plazen / Extensioun vun 247 Plazen | Chantier / Mise en service 2024 |
| P+R Steinfort | 267 Plazen / Extensioun vun 92 Plazen | An der Autorisatiounsprozedur / Mise en service 2024 |
| P+R Colmar-Berg | 246 Plazen / Extensioun vun 135 Plazen | Mise en service 2024 |
| P+R Wecker | 170 Plazen / Extensioun vun 126 Plazen | Planungsphas ofgeschloss / Mise en service 2025 |
| P+R Ettelbrück | 430 Plazen / Extensioun vun 313 Plazen | Chantier / Mise en service 2028 |
| P+R Mesenich (Richtung Lëtzebuerg) | Neien Parking mat 665 Plazen | Mise en service 2025 |
| P+R Mesenich (Richtung Tréier) | Extensioun vun 757 Plaze mat Parkhaus | Mise en service 2028 |
| P+R Frisange | Extensioun vu 490 Plaze mat Parkhaus | An der verdéifter Planungsphas |
| P+R Höhenhof | Neit Parkhaus mat 4000 Plazen | An der verdéifter Planungsphas |
| P+R Quatre-Vents | Neien Parking mat 245 Plazen | An der verdéifter Planungsphas |
| P+R Mamer | Neien Parking mat 539 Plazen | An der Planungsphas |
| P+R Wasserbillig Gare | 350 Plazen / Extensioun vun 200 Plazen | Architekteconcours am Lafen |
| P+R Bascharage | 400 Plazen / Extensioun vun 150 Plazen | An der Planungsphas |

Wann een sech déi viraussiichtlech Kapazitéite vun den ugeféierte Projeten un deenen am Moment schonn aktiv geschafft gëtt ukuckt, gesäit een datt d'Zuel vun 2018 sech iwwert déi kommend Jore sécher méi wéi verduebele wäert. Dann kommen nach déi méi laangfristeg P+R Projeten dobäi aus dem PNM35. Dës sin folgend Projeten:

P+R Ouest, Déplacement du P+R Bouillon, P+R A4/A13, P+R Erpeldange-sur-Sûre, P+R Dudelange Sud (A3), P+R Midfield a P+R Bettembourg

Lëtzebuerg, den 6. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch